adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
17 NOV. 2015
1569

Lëtzebuerg, de 17. November 2015

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannescht Sécherheet weiderzeleeden.

An engem Lieserbréif beschreift eng Damm hir Erliefnisser um Findel, méi speziell wat d'Kontrol vun der Sécherheet vun de Passagéier ugeet. Si wär Zeie gewiescht, datt eng Fra, déi en Nikab unhat, ganz ouni Kontroll duerchgelooss ginn ass.
Wéi d'Sécherheetspersonal, an de Chef vun der Sécherheet erklärt hätten, géif dëst op „Gesetzer" berouen, déi op „ganz héijem Niveau" geholl gi wären.

Dowéinst wollt ech dem Här Minister fir bannescht Sécherheet dës Froe stellen:

1. *Kann den Här Minister bestätegen, datt Fraen déi eng Burka oder en Nikab droen, Facilitéite bei de Sécherheetskontrollen um Findel hunn ?*
2. *Wa jo, wéi eng Instruktioune sinn an dësem Sënn un d'Sécherheetsbeamten eraus gaangen, a vu wiem ?*
3. *Wa neen, u wien kënne Bierger sech wenden, wann ze Zeie vun esou engem Virgaang sinn ?*
4. *Musse Fraen, déi eng Burka oder en Nikab unhunn, um Findel hiert Gesicht bei der Passkontroll weisen ?*
5. *Méi allgemeng, wéi eng Instruktiounen huet eis Police wann et ëm d'Feststellung vun der Identitéit vu verschleierte Frae geet, z.B. bei Verkéierskontrollen ?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

Luxembourg, le 21 -12- 2015

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
21 DEC. 2015

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
L-2450 Luxembourg

Objet : Question parlementaire n°1569 du 17 novembre 2015 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre de la Sécurité Intérieure

Etienne SCHNEIDER

Adresse postale :
B.P. 219
L-2012 Luxembourg

Adresse bureaux :
19-21, boulevard Royal
L-2449 Luxembourg

martine.schmit@msi.etat.lu
Tél. (+352) 247-84687
Fax (+352) 22 72 76

www.eu2015lu.eu
www.luxembourg.lu
www.gouvernement.lu

Äntwert vum Minister fir bannecht Sécherheet Etienne SCHNEIDER op d 'parlamentaresch Fro no. 1569 vum 17. November 2015 vum honorabelen Deputéierten Fernand KARTHEISER.

Eng Persoun déi eng Burka oder en Nikab dréit huet keng Facilitéite bei den Sécherheetskontrollen um Findel.

D 'Sécherheetskontrollen um Findel ginn gemaach genee no den bestehenden europäeschen Regelen. D 'Reglement n°185/2010 vun der europäescher Kommissioun vum 4. Mäerz 2010 gesäit detailléiert Moossnamen vir d 'Uwennung vun de Basis Normen am Beräich vun der Sécherheet vun der Zivil Aviatioun vir. Dëst Reglement verlaangt datt all Passagéier muss inspektéiert/filtréiert ginn. Des Inspektioun /Filtrage mussen no deenen am Reglement virgeschriwwenen Methoden gemaach ginn.

Deen Passagéier déen keen Alarm am Metalldetekter ausléist brauch sech kenge weideren Sécherheetsmesuren ze ënnerzéien. Deen Passagéier deen en Alarm ausléist muss sech enger weiderer Inspektioun/Filtrage ënnerzéien. Am Fall wou en Passagéier mat enger Kappbedeckung sech muss enger weiderer Inspektioun/Filtrage ënnerleeën, muss eng separat Inspektioun/Filtrage vun dëser Kappbedeckung gemaach ginn. Wann eng Persoun aus reliéise Iwwerzechungen des Kappbedeckung net en public well ausdoen, kann si dat an enger spezieller Kabinn maachen. Des europäesch Prozedur war ageféiert ginn nodeem Passagéier wéinst Diskriminatioun an europäesche Flughäfen geklot haten.

Waat d'Passkontrollen betrefft, schreift de Code Frontières Schengen vir "*toutes les personnes font l'objet d'une vérification minimale visant à établir leur identité sur production ou sur présentation de leurs documents de voyage*". Deemno muss eng Fra déi eng Burka oder en Nikab un huet, déi ausdoen. Dobäi gëtt awer gekuckt datt d 'Dignitéit vun der Persoun respektéiert gëtt.

Méi allgemeng, eng Persoun déi am Kader vum Artikel 45 vum Code d'instruction criminelle invitéiert gëtt sech auszeweisen an dat net kann, kann mat op den Policebureau geholl ginn vir dass do hir Identitéit festgestallt gëtt.